N°1419
Entrée le 25.11.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Digitalisation

**Äntwert vun der Ministesch fir Digitaliséierung a vum Premierminister op d'parlamentaresch Fro n° 1419 vum 24. Oktober 2024 vum Här Deputéierten Ben Polidori an vun der Madamm Deputéiert Liz Braz.**

Jo, duerch eng DDoS-Attack waren d'Internetsitten déi vum Zenter fir Informatiounstechnologië vum Staat (CTIE) hebergéiert ginn, den 23. Oktober kuerz virun der Mëttesstonn net méi erreechbar.

Cyberattacke sinn en dynamesche Prozess bei deenen d'Ugräifer reegelméisseg nei Methoden an Techniken entwéckele fir d'Sécherheetsmesuren, déi en place sinn, ze ëmgoen. Et ass eng Zort Kaz-a-Maus-spill bei deem all Säit probéiert där anerer e Schrëtt viraus ze sinn. Soubal am Domaine vun der IT-Sécherheet nei Protektiounsmechanismen entwéckelt ginn, probéieren d'Ugräifer nei Methoden ze fanne fir dës ze ëmgoen.

De CTIE registréiert ëmmer nees nei Tentativë vun Attacken op seng Systemer (cf. d'Äntwert op d'parlamentaresch Fro n°1179 vum 12. September 2024), bei deenen seng Mesuren awer verhënneren, dass d'Attacken en Impakt hunn.

Mat dësem Zil adaptéiert an optimiséiert de CTIE lafend déi verschidden, komplementar Protektiounsmechanismen déi en place si fir déi staatlech IT-Infrastruktur ze schützen. Hei fléissen och déi Erkenntnisser mat an, déi de CTIE wärend enger Attack iwwert d'Strategie vum Ugräifer gewënnt. Dëst war och de Fall bei den DDoS-Attacken vum 21. Mäerz an 23. Oktober 2024. Wéi schonn an der Äntwert op d'parlamentaresch Fro n°522 vum 22. Mäerz 2024 erwäänt, ginn aus Sécherheetsgrënn keng detailléiert Informatiounen iwwert d'Mesuren, déi geholl goufen, genannt. D'Art a Weis vun enger eventueller Kommunikatioun vun den Incidenten an der Ëffentlechkeet gëtt vu Fall zu Fall évaluéiert.

Parallel zu dëse Beméiungen aktualiséiert CTIE reegelméisseg seng Sécherheetssystemer fir vun neie, méi performanten Technologien ze profitéieren. Wéi a ganz ville Beräicher vun der IT, wäert d'KI an der Zukunft och am Beräich vun der Cybersécherheet hier Plaz fannen.

Lëtzebuerg, den 25/11/2024.

D'Ministesch fir Digitalisierung

(s.) Stéphanie Obertin